N°931
Entrée le 25.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Juni 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

De Lycée Josy Barthel Mamer (LJBM) huet am Mäerz säin 20. Anniversaire gefeiert. An deenen 20 Joer huet de Lycée sech eng ganz gutt Reputatioun opgebaut mat qualitativ héichwäertegem Enseignement. Allerdéngs schéngt am Moment e gewësse Malaise ze bestoen tëscht der Direktioun an dem Personal.

Enger Ëmfro vum SEW-OGBL no, déi elo public gemaach ginn ass, a bäi där 100 Leit vum Personal mat gemaach hunn, schätzen 89 % vun den Enseignanten d'Stëmmung als ugespaant bis ganz ugespaant an. Och d'Initiative " een oppent Ouer", mam Zil den Enseignanten d'Méiglechkeet ze ginn, sech ze äusseren, schéngt nach net, oder net vill Friichten ze droen. Der genannter Ëmfro no, hätt de Klima sech nämlech net verbessert: 43 % soe souguer, en hätt sech nach verschlechtert. An d'Kommunikatioun mat der Direktioun gëtt als de gréisste Problem genannt, mat deem d'Leit am beruflechen Alldag ze kämpfen hätten.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:

- Wéi schätzt den Här Minister d'Situatioun am LJBM an?
- Kann den Här Minister confirméieren, datt aussergewéinlech vill Enseignanten an de leschte Joren de Lycée verlooss hunn ?
- Envisagéiert den Här Minister Moossnamen ze huelen, fir d'Klima am LJBM ze verbesseren? Wa jo, wéi eng Moossname wieren dat? Wéilt den Här Minister en onofhängegen Audit maache loossen? Wat gedenkt de Minister ze ënnerhuelen, fir och weiderhin eng héich qualitativ Ausbildung vun de Kanner am LJBM ze assuréieren?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 931 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener**

D'Situatioun am Lycée Josy Barthel Mamer (LJBM) ass breet am Kader vun der Kommissiounssëtzung vum 18. Juli 2024 diskutéiert ginn. D'Moossname déi envisagéiert ginn fir d'Klima am LJBM ze verbesseren sinn notamment e Coaching vun der Direktioun an eng Médiatioun souwéi d'Aféiere vun enger Commission de gestion des plaintes. D'Zil vun deene Mesuren ass eng Kultur vum géigesäitegen Nolauschteren ze promouvéieren. Op en Audit social soll an enger éischter Phas net zeréckgegraff ginn.

Wat d'Zuel vun den Enseignanten betrëfft, déi den LJBM iwwert eng Demande de mutation verlooss hunn, sou louch dës fir d'Schouljoer 2023-2024 bei sechs, an iwwert déi dräi läscht Joere bei insgesamt néng. Dëst sinn Zuelen, déi een och fir aner Lycéeë fënnt.

Lëtzebuerg, de 7. Oktober 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH